



GESELLSCHAFT

Mënschlech a rational aus der Kris

13. Mee 2020 - 09:11

Am Fräie Mikro luet de Bob Reuter, President vun der Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker, eis an, déi aktuell Covid-19-Kris ze notze fir Recul ze huelen. A fir doriwwer nozedenken, wat et bedeit, "Mënsch" ze sinn, a wéi mer mat Humanismus aus dëser Kris kënnen erausfannen.

Bob Reuter

Wandel ass schwierereg: mir musse léiere lasszeloosse vun Albekanntem. Mir ginn eis bewosst, datt et keen Zeréck méi gëtt an eng Normalitéit - déi et am Fong net gëtt an nach ni gouf. Krisensituatioune bréngen schmäärzlech Verloschter an dramatesch Eenzelschicksaler mat sech, déi duerch de Confinement a spezifesch Fäll souguer nach verschäerft goufen. An awer: niift allen negative Konsequenze bréngt esou eng Kris anerersäits och ongeaante Chancen, fir den Eenzele wéi och fir de Kollektiv.

Lo nach méi wéi soss sollte mer a Fro stellen, wat et aktuell bedeit, "Mënsch" ze sinn. Wat eis iwwerhaupt zu Mënsche mécht. Wéi mer als Mënsche wëlle mateneen ëmgoen a wat iwwerhaupt am Liewen zielt. Ouni Wäertung

oder Bewäertung: eis kuerz drop zeréckbesënnen op dat, wat mer sinn. An op dat, wat ass.

Selwer aktiv ginn

Gesellschaftlech geschitt grad Änlech wéi an enger perséinlecher Liewenskris. Mir mussen eis mat den existéierende Problematike bewosst auserneesetzen, draus léieren, se iwwerwannen an dru wuessen. Well elo weist sech, wat eis undreift. Wie mir sinn a fir wat mir stinn. Et weist sech awer och, wat mer alles op eisem Wee zeréckgelooss hunn. Wat mer verluer hunn. An éischer Ligne wuel eis selwer. An domat scheinbar och eis Rationalitéit.

"Be the change you want to see in the world", sot de Gandhi.

Et geet net duer nëmme vun enger besserer Welt ze dreemen - et wäert kee kommen, deen d'Veännerunge fir eis an d'Weeër leet. Egal wéi ee Wee mer also aschloen: wat kënnt? Et weess een et - nach - net. Dofir ass d'léisungsorientéiert Denken an den Engagement vun all Eenzelem vun eis ëmsou méi gefrot: tatsächlech kënne mer haut scho beaflossen, wéi d'Wierklechkeet am Muer ausgesäit. An de Wandel ass net eréischt muer. En huet schonn ugefaangen, elo an dësem Moment.

D'Zäit notze fir gemeinsam Wäerter ze stäerken

Dofir ass et den idealen Zäitpunkt fir nei Iddien ze sammelen a sech vun Denkmustere, Ängschten an Dogmen ze léisen, déi ausgedéngt hunn; elo kënne mer eis nei Fäegkeeten uneegnen a virun allem: léiere Vertrauen a sech a seng Capacitéiten ze hunn a responsabel ze sinn. Mer si gutt esou, wéi mer sinn. Mer mussen net ënnertenee konkurréieren, wa mer géigesäiteg openee vertrauen kënnen. Mer mussen net stänneg op eis Differenzen hiweisen, wa mer ergänzend matenee kollaboréieren an eis esou géigesäiteg valoriséiere kënnen.

Mer sollten déi Netzwierker, Solidaritéiten a Weeër, souwuel déi, déi et virun der Kris scho gi sinn, wéi och déi, déi grad während der Kris entstinn, notze fir eis gemeinsam Wäerter ze stäerken, déi eis als Mënschen ausmaachen. Ob déi Verännerungen, déi sech ufänken ofzezeechnen, laangfristeg fir d'Wuel vun der Allgemengheet kënnen ausgebaut ginn - dozou ka jiddweree säi Bäitrag leeschten. Mat aneren zesummen, fir anerer. Well zesumme komme mer méi wäit, an aus villen eenzele Puzzelstécker gëtt erëm e Ganzt.

Mam Zil fir déi ëffentlech Debatt ze fërderen, invitéiert de radio 100,7 am Fräie Mikro Leit aus der Zivilgesellschaft fir aktuell Themen ze kommentéieren. De Fräie Mikro ass e Gaaschtbäitrag mat [Richtlinnen](#), am Respekt vun eisem [Cahier des Charges](#), ënnert der finaler Responsabilitéit vum radio 100,7.

An der Mediathéik:

[Fräie Mikro](#) / 13. Mee 2020 - 08:50 / Bob Reuter

Lauschteren 